# debulletin

4/2025



**Editorial vum Patrick Remakel**
Réckbléck an Ausbléck

**Interview**
am Kader vum Projet Alpha

**Entrevue**
La délégation du SNE/CGFP a rencontré le Ministre de la Fonction publique Serge Wilmes

**SNE - Events**
« Musée de l'Ardoise Martelange »

sne
syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

ROOM
Luxembourg



INDIVIDUELLE PLANUNG

BERATUNG

BEMUSTERUNG AUF WUNSCH

LIEFERUNG UND MONTAGE

SERVICE APRÈS-VENTE

MODULAR . MOBIL . MODERN.





11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
4/2025

02 Editorial vum Patrick Remakel
Réckbléck an Ausbléck

08 Interview
am Kader vum Projet Alpha

20 SNE/CGFP Sondage
Encadrement vu Kanner mat
spezifesche Besoinen an de Projet Alpha

22 SNE/CGFP Delegatioun
op Besuch beim SLLV zu Saarlouis

24 Entrevue
La délégation du SNE/CGFP a rencontré
le Ministre de la Fonction publique
Serge Wilmes

26 Best of "SNE Summerfest 2025"
um Goldbierg (5.6.2025)

28 Memberéierungen SNE/CGFP
a Concours 2025

30 Réckbléck:
Musée de l'Ardoise Martelange

# Éditorial

# Réckbléck an Ausbléck

Jo, vill vun eis hunn sech och dëst Schouljoer vu Vakanz zu Vakanz « geschleeft ».

Jo, vill vun eis hunn och dëst Joer un hirer eegener Limitt oder doriwwer eraus geschafft.

An trotz all deem, vill vun eis géife sech awer nach emol fir dee wonnerschéine Beruff vu Léierin oder Schoulmeeschter entscheeden… AWER ganz sécher net ënnert den aktuellen Aarbechtskonditiounen.

De Constat ass kloer, esou kann et net weidergoen. Déi Vogel-Strauß-Politik vun der Politik an dem MENJE, fir einfach d'Aen zouzemaache virun de Problemer, kann definitiv keng Léisung si fir all déi Defien, déi sech der Schoul ëmmer méi stellen. D'Problemer sinn identifizéiert an de Fanger gouf an d'Wonn geluecht! Den SNE/CGFP huet seng Léisungsvirschléi zu all den existéierende Problematiken a sengem leschte Cahier des charges public gemaach an och un de MENJE erugedroen. Et kann also kee soen, e géif eis Léisungsvirschléi net kennen.

D'Summervakanz elo einfach kommen ze loossen an ze denken, bei der Rentrée 25/26 wären all déi Problemer an Defien, mat deenen den Enseignant all Dag an de Schoule mat de Kanner ze kämpfen huet, einfach wéi duerch e Wonner geléist, dat ass emol keen Optimist méi, deen dorunner gleeft. Nee esou Léit géifen einfach nëmmen d'Realitéit verkennen an et kéint een esou e Behuelen och als farlässeg beschreiwen. Et muss elo endlech gehandelt ginn, fir d'Rudder erëmzeräissen!

Wann elo net endlech d'Ae fir d'Realitéit, also fir d'Problemer an de Schoulen, opgemaach ginn, a ganz schnell d'Verbesserungsvirschléi, déi um Dësch leien, decidéiert an ëmgesat ginn, da wäerte mir net nëmmen d'Enseignanten nach méi verbrennen, mee mir wäerten och nees ganz séier mat enger neier Penurie konfrontéiert ginn.

Ëmmer méi Enseignantë sichen no Weeër, fir aus dem Klassesall ze flüchten, ëmmer méi Enseignantë reduzéieren hir Tâche an der Hoffnung, dass et hinnen da géif gesondheetlech besser goen an ëmmer manner Jonker si bereet, ënnert den ablécklechen Aarbechtskonditiounen, Studien an Erzéiungswëssenschaften unzefänken oder fäerdegzemaachen. All dës alarmant Phenomeener wäerten derzou bäidroen, dass kuerzfristeg de Manktem un Enseignanten zouhëlt an emol net méi mat dem aktuellen Quereinsteigermodell BFP opgefaange ka ginn.

D'Zäit leeft an et ass héich Zäit ze handelen. Wann net direkt déi néideg Mesurë geholl ginn, fir d'Situatiounen an eise Schoulen ze entschäerfen, da gesäit d'Zukunft net gutt aus. Virun allem bei der gréisster Erausfuerderung, mat där d'Enseignanten all Dag konfrontéiert sinn, nämlech den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen, besteet imminenten Handlungsbedarf.



**Et muss elo endlech gehandelt ginn, fir d'Rudder erëmzeräissen!**

Den SNE/CGFP kann nëmme seng Revendicatiounen aus sengem Cahier des charges widderhuelen an der Politik roden, déi doranner proposéiert Verbesserungsvirschléi unzehuelen an an d'Praxis ëmzesetzen:

- D'Erhéijung vum Kontingent vun den I-EBSen, déi jo esou am Koalitiounsaccord virgesinn ass, muss schnellstens mat engem Rekrutéierungsplang en Place gesat ginn.
- D'ESEBe mussen och mat engem Rekrutéierungsplang massiv opgestockt ginn.

  Et geet awer net duer, einfach nëmme Ressourcen an d'ESEBen ze pompelen, mee déi existéierend Ressourcë mussen och méi effikass, am Interêt vun de Kanner agesat ginn. Aus deem Grond fuerdert den SNE/CGFP kloer an däitlech, dass d'ESEB-Ekippen nom gutt funktionéierende Modell vum I-EBS direkt un d'Schoulen affektéiert musse ginn. Esou kéinten d'Ressourcen aus den ESEBe séier, effikass an ouni bürokrateschen Opwand un d'Kanner verdeelt ginn. Des Weidere fuerdert den SNE/CGFP och, dass den Agent vun der ESEB ersat gëtt, wann hien ausfält. Déi ablécklech Situatioun, dass e Kand am Krankheetsfall vum ESEB-Agent seng Hëllef verléiert, ass ontragbar.
- Mir ginn es och net midd, eng Taskforce bestoend aus Spezialisten aus verschiddenen Domäne fir all d'Schoulen ze fuerderen. Dëst Personal kéint zum Beispill bei der Betreiung vu Schüler mat Verhalensproblemer, bei der medezinescher Hëllef fir d'Schüler am Kader vum PAI oder bei der Ëmsetzung vu preventive Mesuren intervenéieren.
- Wéi mir et scho bei de Ressourcen aus der ESEB betount hunn, geet et net nëmmen duer, einfach Ressourcen an de System ze pompelen. Nee, déi existéierend Ressourcë mussen och effikass agesat ginn. An e Beispill, wou

d'Ressourcen eben net ëmmer effikass agesat ginn, ass bei dem Fonctionnement vun de « Centres de compétences ». Hei fuerdert den SNE/CGFP ganz kloer, dass all Enseignant, deen an e Kompetenzzentrum detachéiert ass, och 23 Stonne mat de Kanner schafft. Et gëtt fir den SNE/CGFP kee Grond, firwat dat net de Fall soll sinn. Als Enseignant net mat Kanner ze schaffe bréngt weder d'Kanner nach de System weider. Mee et geet esouguer méi wäit: D'Presenz vun « Instituteurs-ressources » oder vun den « Instituteurs-consultants », déi entweder guer net oder just ganz begrenzt mat Kanner schaffen, mëssfält all deenen aneren Enseiganten, déi alldeeglech am Klassesall mat de Kanner hiert Bescht ginn, a veriergert si. Et gëtt nämlech näischt méi Kontraproduktives, wéi wann ee qualitativ gutt Ressourcen huet a se einfach nëmme falsch asetzt. Des Weidere muss och endlech Schluss si mat deem Pingpong «Fir deen ee Kompetenzzenter ze staark, fir deen aneren net staark genuch» tëscht de Kompetenzzentren, deen um Kapp vum Kand ausgedroe gëtt.

– Wat verhalensopfälleg Kanner ubelaangt, esou fuerdert den SNE/CGFP dass Schüler, fir déi wärend enger bestëmmter Zäit eng Beschoulung op Grond vun hirer Problematik a reguläre Klassen net méi méiglech ass, temporär vu spezialiséierten Zentren oder Institutiounen opgeholl a betreit musse ginn. Natierlech muss de Bléck ëmmer dorobber geriicht sinn, dass dës Kanner erëm zréck an d'Regelschoul kommen. Mee a verschiddene Fäll sinn d'Problematiken an d'Verhalensopfällegkeeten esou déifgräifend, dass fir dës Kanner d'Beschoulung net méi prioritär ass, mee dass aner Problematiken iwwerweien an eng Participatioun um Unterrecht an den Hannergrond réckelt. An esou Fäll muss kënne séier, ganz séier gehandelt ginn. De System däerf an esou Fäll och net ze vill Bremsen hunn.

Wann de MENJE all dës Léisungsvirschléi fir den Encadrement vun EBS-Kanner ëmsetze géif, da wäre mir als SNE/CGFP ganz optimistesch, dass d'Situatioun an eise Schoulen sech substantiell verbessere géif.



Des Weidere misst d'Politik och dem SNE/CGFP seng Fuerderung zum zweeten Intervenant am Zykel 1, déi jo och schonn deelweis am Regierungsprogramm steet, erfëllen. Fir den SNE/CGFP ass et kloer : All Klassen aus dem Zykel 1 sollen nom Modell vum Precoce funktionéieren, mat engem Team bestoend aus engem Enseignant an engem Educateur. Och dës Mesure kéint derzou bäidroen, d'Prise en charge vun de Kanner am C1, a besonnesch vun de Kanner mat spezifesche Besoinen ze verbesseren, an deene Kanner dann och e bessere Start am Zykel 2 an e bessert Weiderkommen an deenen aneren Zyklen ze erméiglechen. C'est tout bénéfice!

Mir si gespaant, wat alles wäert un Decisiounen am Interêt vun de Kanner an den Enseignantë wärend der Schoulvakanz getraff ginn.

An deem Sënn wënschen ech Iech alleguerten am Numm vum SNE/CGFP an a mengem perséinlechen Numm eng wuelverdéngten, erhuelsam a flott Vakanz.

Patrick Remakel

President vum SNE/CGFP



Patrick Remakel,
President SNE/CGFP






BANQUE RAIFFEISEN, s.c.
Mettez du cœur dans vos projets, pas toutes vos économies.
Grâce au prêt R-Classic, concrétisez vos projets personnels tout en maîtrisant vos finances.
Taux fixe
Mensualités fixes et constantes
Déductions fiscales des intérêts*
Assurance solde restant dû
Plus d'infos sur raiffeisen.lu ou dans votre agence la plus proche.
*À hauteur de 672 € maximum par personne au sein du ménage. Sous réserve d'acceptation du dossier par la banque.
Raiffeisen
R-Classic


Wo steuern Sie hin?
Bausparen – Steuern sparen
Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651
Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.
BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, www.bhw.lu
BHW

# Interview

## am Kader vum Projet Alpha

Am Kader vum Projet Alpha hunn ech mech vir en Interview mat enger erfuerener Léierin aus dem Zykel 2 zesummegesat an hier eng Rëtsch Froe gestallt.

- **Kéint Dir Iech wannechgelift kuerz virstellen?**

Zënter enger ganzer Rei Joren hunn ech wäertvoll Erfarungen am C2 gesammelt. Déi **didaktesch Grondlage** schénge mir fir **d'Léiere bei de Kanner** ze erméiglechen extrem wichteg an esou hunn ech mäi Fokus besonnesch op de Beräich vun der Alphabetiséierung mam Bléck op d'Preventioun vu Rechtschreifschwieregkeete geluecht. Donieft hunn ech mech awer och intensiv an d'Entwécklung vun Textkompetenz erageschafft, mat engem spezifesche Fokus op den Unterrecht vum Däitschen als Friemsprooch. E weidere Volet, dee mir besonnesch um Häerz läit, ass den Ëmgang mat verhalens- a léieropfällege Kanner.

- **Wei hutt Dir bis elo de ganze Prozess vum Projet Alpha wouergeholl?**

Ech erliewen d'Situatioun de Moment esou, datt d'Informatiounen nëmmen etappeweis an heiansdo zimmlech onkloer un eis um Terrain erugedroe ginn. Wann ee sech déi eenzel **Puzzlestécker** zesummesetzt, erkennt een, datt et ëm **gréisser Ännerunge** geet – souwuel wat d'Organisatioun vun der Schoul ugeet, wéi och de konkreten Unterrecht.

Op de soziale Medie gesäit een dacks Biller, bei deenen drop higewise gëtt, datt d'Kanner op Franséisch méi motivéiert sinn ze léieren. Opfalend ass dobäi, datt **d'Methoden** op de Biller oft esou gewielt sinn, datt **d'Léiere méi fräi an ouni Drock** schéngt – et sinn net déi, wou d'Kand mam Bläistëft virun enger Aufgab sëtzt. Wouhier déi Motivatioun wierklech kënnt, bleift fir mech awer eng oppe Fro.

Wat mech wierklech stéiert, ass, **wéi séier dee Projet op nationalem Plang etabléiert soll** ginn. A mengen Aen ass dat ze iwwerstierzt – besonnesch well déi éischt Schüler nach net emol am Lycée ukomm sinn, an et keng **Evaluatioun vun de Resultater am Zykel 4** ginn huet.

Fir mech wierkt dat Ganzt net transparent a wéi eng Decisioun, déi séier iwwert de Knéi gebrach gouf an all implizéiert Acteure virun e Fait accompli mat wäitreechende Changementer am Unterrecht an an der Schoulorganisatioun gesat ginn.

- **Ass et bei Iech an der Schoul am Moment e gréissert Thema?**

Jo, et ass kloer, datt dëst Thema fir vill **Verонsécherung an Onrou** suergt – besonnesch well schonn ab der Rentrée dëse September gréisser Ännerunge virgesi musse ginn. Am Zykel 2 musse Stonnepläng d'selwecht organiséiert ginn, an d'Kanner sollen a klasseniwwergräifend Gruppen an der däitscher Sprooch opgedeelt ginn. Dës Gruppenzesummesetzung geschitt no Krittären, déi d'Schoul selwer definéiert. Zil soll et sinn, eng änlech Situatioun ze kreéieren an ze « **testen** », wéi se sech an 2 Joer mat der Aféierung vun Alpha wäert präsentéieren.

Am Verständnis an der Schoul féiert dëst dozou, datt an all Klass respektiv Grupp genau dat selwecht wärend der selwechter Stonn soll geschéien – an dat huet Konsequenzen: Déi **pedagogesch Fräiheet** vun den Enseignantë geet verluer, an och **d'Differenzéierung** géif dorënner leiden. Et schéngt net méi **d'Kand am Mëttelpunkt** ze stoen, mee éischter **d'Struktur vum System**.



Zousätzlech kann, laut Formateuren um IFEN, wéi Jean-Claude Richoz a Paul Leurquin virun e puer Joer, de stännege Gruppen- an Enseignantswiessel negativ Auswierkungen op d'**sozio-emotional Entwécklung vun de Kanner** hunn an domat schwieregt Verhale vu verschiddene Kanner verstäerken. Et besteet d'Gefor, datt dës Direktiven d'Belaaschtung fir Kanner a Léierpersonal nach weider erhéijen.

Et herrscht och Frustratioun, well dat, wat mir als Ekipp an de leschte Joren am **Däitschunterrecht als Friemsprooch** mat Erfolleg opgebaut hunn – mat gudde Resultater bei de Schüler a positiven Echoe vun den Elteren – schéngt net geschätzt ze ginn a riskéiert ze verschwannen.

Och **eisen interdisziplinären, innovativen Unterrecht**, deen net no feste 50- oder 55-Minutte-Stonne funktionéiert an d'Beweegung, sou wéi d'Fërderung vu sozio-emotionale Kompetenze bewosst an explizit mat abezitt, wäert duerch déi **permanent Gruppewiesselen** schwéier ëmzesetze sinn. Dëst kéint vill vun deem verléiere loossen, wat bis elo bei eis gutt funktionéiert huet.

- **Et zirkuléiere jo am Moment ënnerschiddlech Modi mat fixe Sproocheklassen (Sprooch + Mathé) oder Klassen, wou d'Kanner just an der Sprooch aus der Regelklass geholl ginn. Wat sinn Är Gedanken dozou?**

Et gouf eis zwar gesot, datt d'Schoul dierft wielen, ob d'Mathé zesumme mat der gewielter Sprooch geléiert gëtt oder wéi bei den Niewefächer an engem gemëschte Grupp. Mee do stelle sech mir e puer wichteg Froen:

- No wéi enge **Krittäre** soll dës Entscheedung geholl ginn? Besteet net d'Gefor, datt eng sou grondleeënd Fro fir d'Léiere vum Kand éischter aus organisatoresche Grënn beäntwert gëtt? Dës Iwwerleeunge fale schwéier novollzéien.
- Ass d'Mathé net selwer och eng Sprooch, wou d'Verstoe vu Begrëffer eng grouss Roll spillt? A kënne mir an engem gemëschte Grupp iwwerhaapt genuch **Zäit an Energie**

**fir dës Sproochopbereedung** opbréngen, esou wéi d'Kanner et brauchen?

- **Wat sinn Är generell Gedanken zu enger Alphabetiséierung op Franséisch? Et gi jo och Studien déi weisen, datt Franséisch eng vun deene schwéierste Sproochen ass, fir iwwerhaapt eng Sprooch ze léieren.**

Bei der Alphabetiséierung handelt et sech em d'Liesen- a Schreiweléieren, woubäi et am Ufank vum Schrëftsproocherwerb jo eigentlech doräms geet, **geschwate Sprooch a Schrëft oder ëmgedréint ëmzesetzen**. Fir d'Kand am C1 respektiv am C2 ass dat eng ganz nei, an zougläich abstrakt, Erfarung: Et muss dat, wat et héiert, mat abstrakte schrëftleche Symboler – de Buschtawen – verknäppen.

Wéi komplex dat ka sinn, weist schonn de Laut «é» am Franséischen. An dat ass just ee vun enger ganzer Rei. Am Verglach huet d'Franséischt **ronn 130 Phoneem-Grapheem-Korrespondenzen**, d'Däitscht der just 60.

D'Iddi, d'Franséischt als Alphabetiséierungssprooch ze benotzen, erschéngt dofir riskant – och well et eng « visuell » Sprooch ass, déi sech phonologesch net einfach erschléisse léisst. Och wa Kanner mat **romaneschen Éischtsproochen** am franséischen **Orall méi Liichtegkeet** dierften hunn, sou gëtt an enger Studie vum Nancy Morys vun der Uni Lëtzebuerg (2019) drop higewisen, datt dës ganz schnell **d'Motivatioun verléieren**, wann et ëm dat **Schrëftlecht** geet. Bei ville schwaache Schüler wier net d'Sprooch de Garant fir Erfolleg, mee vill méi den **Ëmgang mat deem schoulesche Léieren**.

Wann een dobäi och nach bedenkt, wéi Kanner iwwer **Héieren a Spieren** d'Lauter veraarbechten, kann ee Villes aus de Studien op dësem Gebitt verstoen.

Ob dëse Choix eise klenge Kanner wierklech entgéintkënnt, muss sech nach weisen.

E beléift Géigenargument ass heibäi dacks: Franséisch Kanner léieren et jo och…

- **Ass déi däitsch Alphabetiséierung sou schlecht?**

Meng kloer Meenung: Nee, d'Alphabetiséierung op Däitsch ass net déi gréisst Schwieregkeet. Wat ech awer als Problem gesinn, ass datt et no baussen dacks zu enger Vermëschung tëschent dem **Schrëftsproocherwerb an der Textkompetenz** kënnt – zwee ënnerschiddlech Beräicher, déi net als dat selwecht ugesi solle ginn.

Een Haaptzil vun der Alphabetiséierung gesinn ech doran, de Kanner **vun Ufank un hëllefen ze verstoen, wéi Schreiwe funktionéiert**. D'Däitsch bitt dofir ideal Konditiounen: D'Laut-Schrëft-Zouuerdnung ass meeschtens kloer, an et ginn nëmme wéineg Lauter, déi verschidde Schrëftbiller kënne hunn.

Besonnesch fir Kanner, déi auditiv manner staark sinn, ass et wichteg, **d'kineetesch Warnehmung** aktiv an den Unterrecht anzebannen – esou kënne si Lauter, mat Ausnam vun de Vokaler, spieren an de Buschtawe besser zouuerdnen.

Duerch déi däitsch Sprooch kann een d'Alphabetiséierung **strukturéiert opbauen**: ausgehend vun de Vokaler, iwwert déi laang gezunne Lauter, mat uschléissend de Plosivlauter bis hin zu bewosste *Rechtschreibstrategien a Merkwörter* – an dat scho vum C2.1 un. Domat kënnt een ewech vum *blanne Vokabelléieren* an entwéckelt e fundéiert **Rechtschreibbewosstsinn**.

Ech gesinn d'Haaptproblemer am Sproochenunterrecht aktuell net onbedéngt bei der Alphabetiséierung als solch, mee éischter bei der Textkompetenz – an do spillt e **passende Vocabulaire an eng adäquat Grammatik** am Däitschen, wéi awer och an hirer Mammesprooch, bei ville Kanner eng wesentlech Roll.

- **Wat haalt dir vun der Ausso, datt duerch déi franséisch Alphabetiséierung d'Chancegerechtegkeet am Lëtzebuerger Schoulsystem erhéicht gëtt?**

An der aktueller Diskussioun iwwert strukturell a sproochlech Ännerungen am Enseignement ginn heiansdo vereinfacht Aussoen ausgeschwat wéi: « Dat ass de richtege Wee ». Sou Aussoe kënnen op den éischte Bléck plausibel wierken, mee si gräifen aus menger Siicht ze kuerz.

Léieren ass e komplexe Prozess, dee vun enger ganzer Rei Facteuren ofhänkt. Ee wichtegen Aspekt, dee gären ënnerschat gëtt, ass d'sozio-emotionaalt Wuelbefanne vum Kand. D'Neurowëssenschafte sinn hei kloer: **« Léieren ass nëmmen da méiglech, wann d'Kand sech emotional sécher an ugeholl fillt »**, esou d'Ausso vum Delphine Giltay, Formatrice um IFEN an dësem Beräich.

An eiser Schoulrealitéit stelle mir ëmmer méi fest, datt vill Kanner an dësem Beräich grouss Besoinen hunn – a si weisen eis dat duerch hiert Verhalen am Alldag.

Dat zentraalt Wuert heibäi ass **Sécherheet**. An der Fachliteratur zu Verhalensschwieregkeeten, e.a. vum Paul Leurquin, Formateur um IFEN, gëtt betount, datt Kanner eng « Personne d'attache » brauchen, eng fest, vertraut Bezuchspersoun. Donieft spille stabil Raimlechkeeten a sozial Struktur eng wichteg Roll. Nëmmen esou kënnen d'Kanner Vertrauen opbauen an déi emotional Basis kréien, déi si fir d'Léiere brauchen.

Strukturell Modeller, déi zu permanentem Wiessel féieren – bei Gruppen, Léierpersonal oder Raimlechkeeten – kënnen dës Sécherheet massiv ënnergruewen. Dofir sollt all Reform och ënner dësem kritesche Bléckwénkel bewäert ginn an d'Méiglechkeet bestoen, déi gewielte Form dem Besoin vun der jeeweileger Schoul unzepassen.

- **Mir hunn an eisem System ronn 10% franséisch Mammesproochler, also Kanner déi och wierklech Doheem Franséisch schwätzen. D'Majoritéit vun deenen anere Kanner (déi net Lëtzebuergesch doheem schwätzen), schwätze ganz aner Sproochen doheem. Franséisch wier deemno awer just hier « Zweetsprooch ». Verschibe mir de Problem domadder net just?**

Wéi aus der neurowëssenschaftlecher Fuerschung bekannt ass, kënne Kanner nëmme léieren, wa se sech sécher a verstane fillen. An dësem Kontext spillt d'Motivatioun och eng wichteg Roll a kann an enger Sprooch, déi der Mammesprooch nosteet, natierlech méi héich sinn.



Awer misst d'Kärfro net heeschen: *Wéi kënne mir als Schoul e Léierraum schafen, an deem Kanner gären a mat Sënn léieren?*

Dat geschitt:

- wa mir eis Zäit kënnen huelen, fir hinnen nozelauschteren,
- si matbestëmme loossen,
- a virun allem wa mir hinnen authentesch a liewensno Léiersituatiounen ubidden.

All dëst, net duerch d'Opschaffe vu Säiten am Buch, mee duerch **projetbaséiert Aarbecht** an **interdisziplinär Vernetzung**.

Hei wëll ech eng aner Fro drun uschléissen: *Wéi wichteg ass et, bei all de strukturelle Verännerungen all dës Aspekter net aus den Aen ze verléieren?*

Genee dëst kéint duerch déi geplangte strukturell Ännerungen a Gefor geroden. Wann et an Zukunft keng flexibel Zäitstruktur méi gëtt, a mir strikt nom Fachrhythmus schaffe mussen, da gëtt et schwéier, esou vernetzte Léierprozesser ëmzesetzen. Esou verléiert d'Léieren un Déift, Sënn a Bedeitung – besonnesch och fir déi Kanner, déi stabil Bezuchspersounen a kloer Struktur brauchen.

An esou engem Kader riskéiert eng Alphabetiséierung a Franséischer Sprooch – mat hire ronn **130 Phoneem-Grapheem-Korrespondenzen** – fir vill Kanner eng weider Hürd, amplaz eng Chance ze ginn. Déi däitsch Sprooch, déi méi transparent a phonetesch logesch opgebaut ass, bitt hei nach ëmmer vill Virdeeler – besonnesch am fréie Schoulalter.

**Fazit:** Strukturverännerunge sollten ëmmer och aus der Perspektiv vun de Kanner geduecht ginn. Emotionale Schutzraum, Sécherheet a Sënn am Léiere si keng optional « Extraen », mee d'Viraussetzung fir Bildung, déi gräift.

**- Mir wëllen an den Niewefächer d'Kanner nees beienee bréngen a mat dräi Sprooche schaffen. Mécht dat d'Kanner net duercherneen?**

Ech froe mech, ob a wéi ee Fachunterrecht, deen och qualitativ bleift, ënnert dëse Konditiounen nach méiglech ass – virun allem, wa mir d'Sprooch mat bedenken. Laut Fachliteratur, zum Beispill aus dem Buch «**Förderung der Schulsprache in allen Fächern**» vum MENJE an den IFEN-Formateuren **Claudio Nodari a Claudia Neugebauer**, ass et ganz wichteg, de Fachvocabulaire – besonnesch an de Sciencen – **virzeentlaaschten**, also d'Wierder a Begrëffer ze erklären, **éier** se a geschwater a geschriwwener Sprooch benotzt ginn. En *dräisproochege Fachunterrecht* géif deemno an der Praxis bedeiten, datt d'Inhalter fir d'éischt op Lëtzebuergesch virentlaascht a benotzt ginn, duerno awer «getrennt» op Däitsch oder Franséisch nach eng Kéier erkläert musse ginn, fir se dann am Schrëftleche kënnen ze benotzen. Fir vill Kanner – virun allem awer och déi, déi grad eréischt an eist Land komm sinn – gëtt dat eng enorm Erausfuerderung. Si mussen net nëmmen eng nei Sprooch léieren, mee si gläichzäiteg beim Fachvocabulaire mat zwou Friemsprooche konfrontéiert. Dëst setzt natierlech och d'Enseignanten ënner Drock, well si mussen alles esou opbauen, datt an der Kommunikatioun op Lëtzebuergesch all Kand mathale kann – egal vu wéi engem Sproochenhannergrond et kënnt.



Zousätzlech ass et schwéier sech virzestellen, *wéi* klassesch Elementer vum Fachunterrecht – wéi z. B. mëndlech Presentatiounen oder Videoressourcen – iwwerhaapt kënnen am ganze Grupp genotzt ginn. Well wann d'Sprooch vum Fach variéiert, falen och vill gemeinsam Ressourcen ewech. Eng authentesch Léiersituatioun gëtt domat schwéier ëmzesetzen.

D'Fro stellt sech deemno, *wou genau* dann d'Plus-value vum «gemeinsame Léieren» an de Niewefächer läit. Wat kloer ass: Wann d'Fächer op Lëtzebuergesch ënnerriicht ginn, héieren a schwätze Kanner zwar méi Lëtzebuergesch – mee gläichzäiteg verléieren si d'Méiglechkeet, déi *Friemsprooch*, déi si nach musse léieren (Däitsch oder Franséisch), am Fachkontext aktiv a praktesch ze benotzen.

Net ze vergiessen: Ech hu mer soe gelooss, datt viru Joren eng Däitschstonn am *Plan d'études* gestrach gouf mat der Argumentatioun, datt d'Sciencen op Däitsch dëse Verloscht ausgläichen. Mat dem neie Modell fält dëst Argument ewech – an déi praktesch Uwendung vun der Friemsprooch am Fachberäich riskéiert ganz verluer ze goen. Dëst steet dann am direkte Widdersproch zu engem Prinzip, deen eigentlech allgemeng unerkannt ass: *Eng Sprooch léiert een nëmmen, wann een och d'Geleeënheet huet, se souvill wéi méiglech ze schwätzen*.

**- Wat wier eng méiglech Alternativ fir d'Kanner opzedeelen, fir d'Sproocheléieren (Alphabetiséierungssprooch) ze festegen?**

Wa mir wëlle festhalen un engem **ganzheetleche Léiere**, dat sënnvoll, authentesch an – wou méiglech – och differenzéiert ass, a wa mir d'**sozio-emotional Besoine** vun all eise Kanner eescht huelen, virun allem déi vun **EBS-Kanner** mat *«trouble d'attachement»* oder änleche Schwéierpunkten, da géife **gläichsproocheg Klasse** vill méi Stabilitéit a Sécherheet bidden.

Ech verstinn d'Intentioun, d'**Méisproochegkeet** och an den Niewefächer wëllen ze férderen – dat ass u sech begréissenswäert. Awer ech maache mir Suergen, datt dëse Versuch **méi Risike wéi Chancë** mat sech bréngt. Et stellt sech d'Fro: **Goufen all wichteg Aspekter an dëser Entscheedung mat abezunn?** A wéi wäit ass d'Pilotphase, déi nach net emol an alle Zykle getest gouf, wierklech representativ? Op wéi enger Basis ginn esou wichteg Entscheedunge getraff?

Wat ech och problematesch fannen: Wa bei dëser Struktur e Gedanke matspillt, wéi z. B. d'**Vermeide vun enger 2-Klasse-Generatioun**, da wier dat eng **kënschtlech Kategoriséierung**, déi dem pedagogesche Wuel net déngt. D'Zil däerft u sech nëmmen d'Méisproochegkeet sinn – an da stellt sech d'Fro: **Gëtt déi duerch dës Struktur wierklech geférdert?**

Vläicht géif et vill méi bréngen, wann d'Klasse **«getrennt léieren»**, mee sech **reegelméisseg begéinen**, z. B. iwwer **Projeten**, wou déi eng Grupp hir Friemsproоch als «Experte» benotzt a Plakater o.ä. virstellt, erkläert, Froe beäntwert. Déi aner Grupp lauschtert no, stellt Froen – eventuell souguer op Lëtzebuergesch. Dat wier **authentesch Kommunikatioun**, wou Méisproochegkeet op eng natierlech Aart zum Droe kënnt.

- **Fillt Dir Iech als Enseignant preparéiert op déi Challengen, déi do op d'Léierpersonal duerkommen? (neie Plan d'études, Orientéierung am C1, Alphabetiséierung op Franséisch, Koordinatioun C1-C2 mat den Iwwergäng, asw.)**

Ganz kloer: **Nee!** Wat ech de Moment erliewen, erënnert mech staark un d'Situatioun vun 2009. Wéi och vun eiser Direktioun gesot ginn ass, handelt et sech beim **Projet Alpha** ëm déi **gréisste Schoulreform**, déi et jee hei am Land gouf – mat all de Konsequenzen, déi domat verbonne sinn.

D'**Kommunikatioun**, d'**Informatioun** an d'**Virbereedung** empfannen ech als **katastrophal**. Den neie Plan d'études, déi un d'Alphabetiséierung ugepasste Bicher (ausser fir Mathematik), konkret Krittäre fir den Zykel 1, … – näischt dovun ass bis elo offiziell verfügbar. Et gesäit esou aus, wéi wann dat, wéi schonn esou dacks, **Stéck fir Stéck iwwert d'Joer** verdeelt, etappeweis verdeelt gëtt, amplaz alles kloer an am Viraus prett ze hunn.

**Wéi solle mir eis do seriö preparéieren?** Wéi soll ee sech an eng nei Matière, souguer an e komplett neit Denkmuster, eraschaffen, wann d'Grondlage feelen?

Géif et net vill méi Sënn maachen, **de Leit um Terrain Zäit a Méiglechkeet ze ginn**, sech virum Start intensiv mat der neier Matière auserneenzesetzen – éier se bei d'Kanner kënnt an an de Klassesäll soll ëmgesat ginn?

- **Mengt Dir den Terrain wier prett fir sou een Challenge? Wei ass d'Stëmmung bei Iech am Gebai zu där Thematik?**

Ech hunn och hei d'Gefill, datt d'Situatioun **net wierklech kloer** ass. Wann ee sech mat Kolleg/innen ënnerhält, mierkt een direkt, datt et jee no Schoul respektiv Direktioun **ënnerschiddlech Informatiounen a konkret Uweisunge** fir déi nächst Rentrée ginn. Dat féiert zu **Verонsécherung**, **Iwwerfuerderung** an engem **onnéidege Stress**, deen a mengen Ae komplett ze vermeide wier.

Och déi motivéiertste Léierpersoun stéisst **iergendwann un hir Grenzen**, wa se nieft den alldeeglechen Erausfuerderungen dauernd nei Ufuerderunge muss ëmsetzen – **ouni kloer Strukturen oder realistesch Virbereedungszäit**.

Eng aner grouss Erausfuerderung gëtt déi **verstäerkt Zesummenaarbecht** tëschent den Enseignanten, déi ugekënnegt gouf. 2009 huet dëse Sujet an e puer Schoule scho fir vill **Spannunge** gesuergt. Mat der Zäit hu sech, jee no Schoul, **individuell Modeller vu Kooperatioun** entwéckelt, déi gutt funktionéieren. Wann elo erëm vun uewen erof decidéiert gëtt, wéi een zesumme schaffe MUSS, riskéiert een, datt **eng Persoun d'Roll vum « Leader » iwwerhëlt** an déi aner nëmme musse mathale – **ouni pedagogesch Fräiheet** oder Raum fir Differenzéierung bei hire Schüler/innen. Wat dëst a punkto Zefriddenheet an emotionaalt Gläichgewiicht beim Enseignant bedeit, dierft kloer sinn.

Et gëtt sécher Schoulen, wou **dës Form vu strukturéierter Kooperatioun** scho funktionéiert, mat **Gruppendynamik a gemeinsam geplangtem Unterrecht**. Dat ass gutt, wann et **vu bannen eraus entstanen** ass. Aner Schoule funktionéieren no anere Modeller, déi sech iwwert d'Jore bewäert hunn. Et kann net sinn, datt all dës individuell Entwécklunge vun uewen erof ausgeblent ginn – wéi et leider schonn 2019 de Fall war.

D'Stëmmung an eisem Gebai ass aktuell **éischter ugespaant**, d'Zouversicht klëmmt net. **Eng Rei engagéiert Kolleg/innen fänken un, iwwer aner Beruffsperspektiven nozedenken**. Dat ass traureg a virun allem schued – **fir d'Kanner an eise Klassen**, déi staark an engagéiert Léierpersoune brauchen.

An deem Sënn wiere mir gutt beroden, de Schoule **méi Autonomie a Vertrauen ze ginn**, amplaz een eenzege Modell vun uewen erof ze imposéieren. Wat mir elo brauchen, ass, **Zäit fir sech virzebereeden, e kloren an oppenen Dialog mam Terrain an d'Méiglechkeet, individuell Strukture weiderzeentwéckelen**, déi sech bewäert hunn. Eng **transparent Kommunikatioun**, realistesch Delaien a **pedagogesche Fräiraum** si keng Privileegien, mee **Grondbedéngungen**, fir datt eng Reform net just um Pabeier funktionéiert – mee och **am Alldag vun eise Schoulen**.

E groussen Deel vun eis hofft nach ëmmer drop, datt d'Gewerkschaften, wat ustoe soll, gestoppt kréien...

- **De Minister seet jo, datt d'Kanner um Enn vum Zykel 4 all op dem selwechten, bzw. op engem änlechen Niveau wäerte sinn, sou datt si all d'Filièren am Secondaire mat Erfolleg kennen absolvéieren. Wat ass Är Meenung dozou?**

Iert een iwwert d'Filièren am Secondaire diskutéiert, stellen ech mer **schonn am Zykel 4** eng wierklech « Gläichstellung » **schwéier** vir. Hei géif ech mir virun enger nationaler Implementéierung **konkret Erfarungswäerter** wënschen – souwuel fir de C4 wéi och fir de Lycée. **Ouni Evaluatioun oder kloer Fakte** bis un d'Enn vum Projet, bleift all Ausso fir mech **Spekulatioun**.

Alles wat ech de Moment soen, ass **e Bauchgefill** – mee e Bauchgefill, dat ech mat enger Rei Kolleg/innen a mengem Ëmfeld deelen. A mir geet et bei deene Gedanken net gutt.

Aus menger **praxisbezunner Erfarung** kann ech mir **net virstellen**, datt d'Alphabetiséierung op Franséisch d'**Léisung fir all eis Problemer** am Unterrecht ass – besonnesch net do, wou Kanner a Klassen **extrem schwiereg** sinn a wou «Schoul halen» zur Onméiglechkeet gëtt. Grad an deene Klasse misst en Ëmfeld am Viergrond stoen, dat de sozio-emotionale Besoine gerecht ka ginn!

Ech **géif allen Acteure wënschen**, datt d'Alphabetiséierung d'Léisung fir alles wier an datt et funktionéiert – mee **realistesch gesinn** halen ech dat fir **onwarscheinlech**. Wéi gesot: Ech hu keng Daten, just mäi **subjektive Bléck aus dem Klassenzëmmer eraus**. Eent schéngt mer allerdéngs fest: Mam Ufank vum Projet Alpha am Fondamental muss ee Konzept, dat de Suivi am Lycée, wat d'Niewefächer, d'Mathé, ... ab der 7ème am Lycée reegelt, garantéiert sinn.

- **Wéi erlieft Dir déi läscht Woche par Rapport zu der Direktioun an och an der Zesummenaarbecht mat der Gemeng (Schoulorganisatioun asw.). Ass Alpha do och en Thema?**

Ech froe mech, ob de groussen Drock, deen d'Ëmsetzung vum Projet Alpha ausgeléist huet, net bei all Bedeelegten änlech ass a sech dowéinst op de ganze Schoulsystem auswierkt. Fir mech ass et net kloer, wou d'Plus-Value läit, wann z. B. ab der Rentrée 2025/26 scho plazeweis Kanner an «zoufälleg» Gruppe fir den Däitschunterrecht gemëscht musse ginn – an Enseignantsteamer elo schonn esou zesummegesat solle ginn, wéi se dann an 2 Joer sollte sinn, onofhängeg vun de Bestëmmungen am aktuelle « Règlement d'occupation des postes ».

Op anere Plaze kréie Schoulen den Optrag, fir esou wéineg Intervenante wéi méiglech op engem Grupp vu Kanner ze hunn – dobäi ass



awer vun uewen erof eng Organisatioun amgaangen ze entstoen, déi genee de Géigendeel bewierkt. Gëtt do net erëm vun de Enseignanten an de Gemengen erfuerdert, eppes Onméigleches méiglech ze maachen? Eppes, wat vun uewen decidéiert gëtt, obwuel bekannt ass, wéi wichteg et ass, mat méiglechst wéineg Intervenante ronderëm ee Kand ze schaffen, sou wéi e. a. och vum MENJE an der « Circulaire de printemps » fir d'Rentrée 2025/26 op der Säit 21 betount?

Och wann d'Gemenge vum Projet Alpha informéiert a rassuréiert ginn, sinn déi aktuell Zuelen zu Gruppen a Klassesäll am Moment just Estimatiounen. Wéi séier kéinten dës Zuelen net méi stëmmen, wann Elteren zum Beispill de Virschlag vum Titulaire aus dem C1 net akzeptéieren a hiert Kand an deen anere Grupp schécken, dee si fir besser halen? Brauche mir dann net séier mindestens 1-2 Klassesäll pro Zykel zousätzlech, ofhängeg vun der Schoulgréisst? An dat niewent engem scho grousse Personalmangel, deen et elo scho schwiereg mécht, Appuisstonnen ze garantéieren, well dës Enseignantë gebraucht ginn, fir den normalen Unterrecht an de Klassen ze garantéieren!

- **Et gëtt sech versprach, datt mer duerch dës Mesure manner Allongementer am System wäerten hunn an doduerch kënne Personal aspueren. Gesitt Dir dat als realistesch?**

Wéi genee dës Mesure, wann deem esou wier, d'Gesamtzäit, déi déi eenzel Kanner am Fondamental bleiwen, beaflosst, bleift ofzewaarden. Op nationalem Niveau kéint dat d'Dauer vum Schoulbesuch vum eenzele Schüler veränneren. Op kommunalem Plang kéint dat d'Klassegréisst änneren, zum Beispill datt an engem C2 statt 20 just nach 18 Schüler sinn. A wéiwäit domat awer manner Personal gebraucht gëtt, ass fir mech nach onsécher.

- **Hutt Dir soss nach generell Gedanken zu dëser Thematik?**

Eng Alphabetiséierung op Franséisch fir déi Kanner, fir déi dat wierklech eng **Plus-value** ass, ass sënnvoll a soll weiderhin ugebueden an och op den « Enseignement fondamental » erweidert ginn. Dat däerf awer **net ëm all Präis** geschéien – a scho guer net op Käschte vum **Contingent** an den domat verbonnene Stonne fir **Appui**.

**D'Anciennetéit** vun den Enseignanten, wat d'Klassewiel ubelaangt, sollt och berücksichtegt bleiwen, fir Frustratioun an Demotivatioun ze vermeiden.

**Elteren** däerfen net ze vill an eng bestëmmte Richtung, entgéint hirer Iwwerzeegung, gedréckt ginn. Wa francophon Elteren sech bewosst fir den däitschsproochege Fondamental entscheede, fir déi Sprooch bei




hirem Kand ze férderen, ass dat hiert Recht, genau sou wéi dëst fir d'Franséischt bei lëtzebuergeschen Elteren de Fall kéint sinn. Wat dëst fir den **didakteschen Opbau vum Sproochenunterrecht**, sou wéi der **Differenzéierung tëschent Mammesproochler, Zweet- a Friemsproochler** bedeit, dierft vun Ufank u mat ze bedenke sinn. Wichteg schéngt mer an dësem Kontext och: Wann eng Kéier eng Entscheedung fir eng Alphabetiséierungs-sprooch gefall ass an d'Kand ugefaangen huet d'Zesummenhäng tëschent Laut a Buschtaf ze léieren, **dierf dës Entscheedung net méi zréckgeholl ginn**. Sou eng Ännerung wier eng absolut Iwwerfuerderung fir d'Kand a kéint zu Verwirrung féieren, dëst bei enger Rei vu Lauter, wéi e.a. «s», «k», «e», «o», … Den Echec am Schrëftsproocherwerb dierft domat virprogramméiert sinn.

**Zum Schluss soll de Projet, dee gutt gemengt ass an enger Rei Kanner kann eng wäertvoll Ënnerstëtzung bidden, och wierklech gelféngen. Dat geet am beschten, wann op d'Suerge vun allen Enseignanten a Leit aus der ESEB gelauschtert gëtt, dës mat an de Prozess agebonne ginn an d'Schoulen d'Vertraue kréien, fir d'Ëmsetzung zesumme mat de Gemengen un hire Kontext unzepassen.**

**Schued wier et, wann eis als Enseignanten e System opgezwonge gëtt, deen eis Motivatioun dréckt an d'Belaaschtung am Alldag nach vergréissert!**



De Claude Schmit
ass I-DS, Instituteur spécialisé en développement scolaire
a Member vum Comité central vum SNE/CGFP.

MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE

**Entdeckt 3 km Minn mat der Gouwebunn & zu Fouss**





- fir Gruppen bis 31 Leit an interactiv Visitte fir d'Kanner dat ganz Joer
- fir indiviuell Visiteuren vun Abrëll bis Juni an am September: vun Donneschdes bis Sonndes
- am Juli an August: vun Dënschdes bis Sonndes
- vum Januar bis Mäerz an Oktober bis Dezember all Sonndeg

Detailléiert Informatiounen:
**www.mnm.lu**



**Méi séier informéiert**

Suivéiert d'CGFP op **Twitter**

**@Cgfp_lu**



boesner perl auf **3.200 m²** alles was kunst braucht

**boesner GmbH Perl**
Nenniger Str. 10
D-66706 Perl-Besch
Tel. 0049 68 67 - 9 11 00
perl@boesner.com









100 STATIONS INTERACTIVES

20 SPECTACLES SCIENTIFIQUES

**SORTIES SCOLAIRES**
www.science-center.lu
GRATUIT pour les écoles publiques (Lux.)

Lundi – Vendredi
9h00 - 17h00
Samedi, Dimanche & jours fériés
10h00 - 18h00

DIFFERDANGE
1, rue John Ernest Dolibois
LUXEMBOURG +352 28 83 99 1

# SNE/CGFP Sondage

## Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen an de Projet Alpha

Léif Memberen,

Als SNE/CGFP soe mir eise Membere Merci fir déi grouss Bereetschaft eise Sondage auszefëllen. Bal **1000 Memberen** hunn sech an dëse stressegen Zäiten d'Méi gemaach fir op eis Froen ze äntweren. Mir wëssen dat ze schätzen. Et weist, wéi wichteg dës Theme sinn a wéi vill d'Wuel vun de Kanner an hire schouleschen Erfolleg iech beschäftegen.

Mir wollten eis et awer och net virbehalen, fir iech e kuerzen Iwwerbléck iwwert d'Resultater ze ginn:

**Bal 80% vun deene Memberen, déi de Sondage ausgefëllt hunn, hu sech bereet erkläert fir an Zukunft u gewerkschaftlechen Aktiounen deelzehuelen, an dat esou wuel wat den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen ugeet, wéi och de Projet Alpha.**

Dir hutt domadder dem SNE/CGFP e kloeren Optrag ginn, fir an dësen Dossieren net labber ze loossen. Dat ass e staarkt Zeeche vu Solidaritéit a gëtt eis den néidege Réckhalt fir mat Nodrock un eise Fuerderunge festzehalen.

E weideren Ausdrock vun ärem Engagement ass d'Tatsaach, dass ronn d'Hallschent vun all deenen, déi Sondage ausgefëllt hunn, sech och Zäit geholl hunn, eis an deenen zwou oppene Froen hier Gedanke matzedeelen. Dëse Feedback ass fir eis immens wäertvoll. Et huet sech nach eng Kéier bestätegt, dass eis Fuerderungen an Argumenter sech mat de Suerge vum Terrain iwwerschneiden, a mir domadder um MENJE de Fanger an déi richteg Wonne leeën. Mir kruten duerch är Äntwerten awer och e puer nei Gedankenustéiss, déi mir mat an eis Iwwerleeungen afléisse loossen.

**Merci fir äert Vertrauen, är Zäit an Ënnerstëtzung.**

Mat syndikalistesche Gréiss,

De Comité central vum SNE/CGFP

**Falls du de Sondage nach net ausgefëllt hues, kanns du dat bis den 1. August nach maachen.**

https://sne-cgfp.limesurvey.net/152147

syndicat national des enseignants cgfp



D'Vanessa Schetgen
ass Enseignante am Cycle 2
an der Gemeng Hesper
an éischt Vize-Presidentin
vum SNE/CGFP.






# SNE/CGFP Delegatioun

## op Besuch beim SLLV zu Saarlouis




Den 4. Juni 2025 huet eng Delegatioun vum SNE/CGFP e kollegialen an informativen Besuch beim **Saarländischer Lehrer- und Lehrerinnenverband (SLLV)** zu Saarlouis ofgestatt. D'Delegatioun ass häerzlech vum **Dominik Schwer** empfaange ginn.

Bei dëser Geleeënheet stoung e konstruktiven Austausch iwwert aktuell Erausfuerderunge fir de Léierberuff am Mëttelpunkt. Um Ordre du jour stoungen Themen, déi béid Verbänn gläichermoossen beschäftegen:


- D'Inklusioun
- D'Ausbildung vun de Quereinsteiger
- De Fachkräftemangel
- D'steigend psychesch Belaaschtung am Léierberuff

An engem oppene Gespréichsklima goufen d'Erfahrungen aus deene jeeweilegen Systemer ausgetosch.

Trotz gewësser Differenzen tëschent dem däitsche an dem lëtzebuergesche Bildungssystem huet sech gewisen, dass d'Schoulrealitéit a ville Beräicher vergläichbar Erausfuerderungen mat sech bréngt.

De SNE/CGFP schätzt dëse grenziwwerschreidenden Dialog als wichtege Schrëtt, fir d'Zesummenaarbecht tëschent de Beruffsvertriedungen an der Groussregioun ze stäerken.

E weidert Zesummekomme ass am Kader vun der **LuxDidac 2025** geplangt.



# Entrevue SNE/CGFP - MFP

Le 16 juin 2025 une délégation du SNE/CGFP a rencontré le Ministre de la Fonction Publique Serge Wilmes pour un échange de vues sur différentes problématiques :

1. **Problématique du cumul de la majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières avec le supplément de traitement pour les instituteurs ayant atteint le dernier échelon du grade E5.**
2. **Problématique du plafonnement à 500 p.i. du traitement barémique des instituteurs classés au tableau A de l'« Administration générale ».**
3. **Recrutement généralisé des instituteurs au niveau « Master ».**

## 1. Problématique du cumul de la majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières avec le supplément de traitement

Le SNE/CGFP expose la problématique de l'arrêt du paiement du supplément de traitement pensionnable de 20 points indiciaires aux agents ayant atteint l'échelon 16 du grade E5 à partir du moment où ils revêtent (et revêtant) un poste à responsabilités particulières. En effet, les instituteurs en fin de carrière bénéficiant déjà du supplément de traitement le perdent dès qu'ils touchent la majoration d'échelon pour leur poste à responsabilités particulières, et ceci en raison du fait que la majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières n'est pas cumulable avec ce supplément de traitement.

Vu le fait que les intéressés sont actuellement lésés par cette perte de 20 points indiciaires, le SNE/CGFP est d'avis que le cumul du supplément de traitement avec la majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières devrait être possible.

**Partant, le SNE/CGFP revendique un allongement du grade E5 dans le tableau indiciaire transitoire de la rubrique « Enseignement » par l'introduction d'un 17e échelon ayant l'indice 500 et ceci en remplacement de l'actuel supplément de traitement de 20 points indiciaires.**



*La délégation du SNE/CGFP, composée de MM. Patrick Remakel, Gilles Glesener, Nicolas Thill et Claude Schmit, a exposé au Ministre Serge Wilmes et à ses conseillers la position et les revendications de notre syndicat sur les points susmentionnés.*



## 2. Problématique du plafonnement à 500 p.i. du traitement barémique des instituteurs classés au tableau A de l'« Administration générale ».

Le SNE/CGFP rend le Ministre de la Fonction Publique attentif au fait que le traitement barémique des agents ayant débuté leur carrière dans le tableau A de l'« Administration générale » après la réforme dans la fonction publique de 2015 est plafonné à 500 points indiciaires.

Notre syndicat demande avec insistance de modifier la Loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et les modalités d'avancement des fonctionnaires de l'Etat afin supprimer cette limitation non justifiée du traitement barémique. Il suffirait de biffer au paragraphe 3 du chapitre B2) Allongements de la Loi précitée le passage suivant « sans que le montant cumulé de la prime prévue à l'article 25, paragraphe 1er, et du traitement barémique ne puisse dépasser au total 500 points indiciaires ».

**Par conséquent, le SNE/CGFP revendique l'abandon du plafonnement à 500 p.i. du traitement barémique des instituteurs classés au tableau A de l'« Administration générale »**

## 3. Formation généralisée des instituteurs au niveau « Master »

Le SNE/CGFP souligne que la société en général (générale) et l'école en particulier doivent faire face à de multiples changements sociétaux (sociaux) qui se suivent à un rythme de plus en plus rapide. De nos jours, l'instituteur se voit confronté à des défis croissants tels que l'hétérogénéité de la population scolaire, l'évolution des pratiques pédagogiques ainsi que les exigences accrues en matière d'inclusion, de différenciation et de compétences transversales.

La complexité du métier d'enseignant requiert une solide formation initiale du futur instituteur. C'est pourquoi le SNE/CGFP est d'avis que la formation initiale de l'instituteur devra être une formation de (au) niveau « Master » garantissant un haut degré de qualification professionnelle.

**Le SNE/CGFP revendique un recrutement généralisé des instituteurs au niveau « Master », formation qui permet de répondre de manière compétente aux enjeux actuels de l'enseignement fondamental et de la Voie de préparation de l'enseignement secondaire général.**

# Summerfest 2025

Best of "SNE Summerfest 2025" um Goldbierg (5.6.2025). Merci eise Gäscht fir hir Präsenz an de flotten Nomëtteg an eise schéine Wäibierger. 😎🥂

Verpasst de järleche Rendez-vous net a sidd och dir déi nächste Kéier derbäi.





















# Memberéierungen SNE/CGFP

De President Patrick Remakel seet alle Membere Merci fir hir laangjäreg Memberschaft beim SNE/CGFP. Dëst Joer goufen 12 Delegéiert fir hir 30-, 40 oder souguer 50-järeg Memberschaft beim SNE/CGFP geéiert. All geéierte Member kritt en Diplom an e Pin am Bronze, Selwer oder Gold iwwerreecht.



# Concours 2025

Den Sne/CGFP um Concours 2025 (27.06.2025)









# Réckbléck: Musée de l'Ardoise Martelange

En Dënschdeg, de 17. Juni, hate sech e Puer KollegInnen zu Maarteleng fir eng Visitt vum «Musée de l'Ardoise» getraff. E puer vun hinnen hunn un de Schifer nach eng perséinlech Erënnerung, huet dach hir Joffer oder hire Schoulmeeschter nach mat Kräid op déi grouss a si selwer als SchülerInne mam Griffel op déi kleng «Schifertafel» geschriwwen oder och mol gekrozelt. Obscho besonnesch erfueren a laangjäreg Léierinnen a Schoulmeeschtere jo bal alles wëssen, goufe si dach wärend der Visitt eng ganz Rei onbekannte Saache gewuer:

- Virun ongeféier 400 Millioune Joer huet sech feine Leemschlamm um Mieresbuedem ofgelagert. Duerch Drock an Temperatur ass doraus Tounsteen entstanen, dee sech spéider duerch d'Bildung an d'Fale vu Bierger zu Schifer verwandelt huet.
- Den Numm «Schifer» kënnt vum mëttelhéichdäitsche Wuert «schiver», Spléckbarkeet «spalten» bedeit – eng perfekt Beschreiwung vu senger wichtegster Eegenschaft. Seng Spléckbarkeet ass esou präzis, datt een dënn Placke vun nëmmen e puer Millimeter Déckt ofsplécke kann. Fir Schifer ze produzéieren, brauch een eng immens handwierklech Fäegkeet. En erfuerene Schiferbriecher ka mat Hëllef vum Klang beim Klappen erkennen, ob e Schiferblock déi richteg Qualitéit fir Daachzillen huet.
- Schifer kann iwwerraschend villfälteg an de Faarwe sinn. Nieft dem typesche Gro ginn et och gréng, rout, violett a souguer gëlleschimmernd Varianten. D'Faarf hänkt vun de Mineralien of, déi am Schifer dra sinn – Eisenoxid mécht roudelzeg Téin, Chlorit gëtt dem Schifer eng gréng Faarf.
- Daachzillen aus Schifer kënnen iwwer honnert Joer halen an dobäi kaum hire Look verléieren. Dës Liewensdauer mécht Schifer trotz méi héije Käschten zu engem beléifte Material. Nieft Diecher gëtt Schifer och fir Fassaden, Buedembeleeg an Dëschplacke benotzt.
- Schoulkanner hunn iwwer Joerhonnerten d'Schreiwen op Schifertafele geléiert, éier de Pabeier de Schifer ersat huet.
- Déi gréisste Reserve vu Schifer fënnt een a Wales, Spuenien, Däitschland, Brasilien, China an an den USA. D'«Rhäinescht Schiefergebirge» zitt sech iwwer verschidde Länner (Ardennen, Éislek, Eifel, Hunsrück, Westerwald) a präägt ganz Landschaften mat senge charakteristesche groe Bierger.
- Wéinst sengem héije Mineralgehalt huet de Schifer natierlech antibakteriell Eegenschaften. Dofir gëtt hie gäre fir Kéis- oder Zerwéierplacken a Kichenaarbechtsplacken benotzt - Bakterie kënnen op der glater Surface schlecht iwwerliewen.
- Fossilien am Schifer sinn dacks aussergewéinlech gutt erhale bliwwen, well dat feint Material Detailer konservéiert, déi an anere Gesteensaarte verluer ginn.

A fir all déi Informatiounen ze verdauen, huet den SNE, wéi dat mol méi dacks virkënnt, op e Patt an e klenge Maufel invitéiert.









# D’Péitruss– an Uelzechtdäller:

## e Wee voller Inspiratioun an Innovatioun

Dëse Wee luet dozou an, eng Landschaft am Prozess vun der Renaturéierung nei ze entdecken an ze erfuerschen – do, wou Waasser a Vegetatioun hir Plaz zeréckfannen an en neit natierlecht Gläichgewiicht entsteet. Loosst Iech vum Rausche vum Floss droen, beobacht d’Metamorphos vun dësem geschützte Raum a genéisst eng richteg Oas vun der Rou.

Tëscht Vergaangenheet a Zukunft erënneren d’Iwwerreschter vun der Festung un d’Geschicht vum Site, wärend innovativ Initiativen a landschaftlech Installatiounen d’Zukunft matgestalten an op déi grouss global Erausfuerderunge vun eiser Zäit äntweren.

Eng eenzegaartег Geleeënheet, fir ze erfuerschen, wéi Natur an nohalteg Stadentwécklung zesummeschaffen, fir d'Stad nei ze denken. E Spadséiergang voller Inspiratioun, fir ze reflektéieren, ze staunen a sech op d’Weesentlecht vun der Landschaft zeréckzebesënnen

*(Quell: luga.lu)*

*(Fotoen: © Pierre BK / Luxembourg City Tourist Office)*

### LUGA : Luxembourg Urban Gardens
### « TOUR OF THE VALLEYS »

**Zilgrupp:** all Membere vun SNE an hir/e Conjoint/e; Prioritéit fir Memberen ab 55 Joer

**Dauer:** 120 Minutten; duerno offréiert den SNE e Patt

**Datum:** Dënschdeg, den 30. September 2025 um 15h00

**Plaz:** LCTO, Knuedler; Lëtzebuerg

**Zuel: maximum** 20 Persounen

**Umeldung: events@sne.lu oder 48 11 18-1**
**bis spéitstens Dënschdes, de 16. September 2025 um 16h00.**

(D’Participantë kréie per Mail eng Confirmatioun; eng Waardeléscht gëtt gefouert.)

Dës Visite ass **NET** méiglech fir Persoune mat beschränkter Mobilitéit.

**Weider Detailer:** www.luga.lu

(Andeem ee sech fir dës Aktivitéit umellt, ass een automatesch averstanen, dass een op enger Foto am Bulletin oder op den elektronesche Säite vum SNE/CGFP ka gesi ginn.)

**Save the Date**

**Bistrot littéraire:**
Méindeg, de **17.11.2025** vun 18.00 bis 21.00 Auer

**Mir wënschen all eise Memberen, Aktiven oder Senioren, eng schéi Vakanz a gesinn eis erëm am Hierscht.**





# Babbelix

Authentesch Sproochentwécklung, Kommunikatioun, Reflexioun.



PRAXISBEISPILL

## Devinettes (Alpha F)

Français · Cycle 2 · Lire, réciter ou présenter à voix haute

### Objectif d'apprentissage

Présentation orale d'un sujet

### Tâche d'apprentissage

Réviser un texte en consultant les outils de référence disponibles

### Préparation enseignant

Trouver la réponse de différentes devinettes à trois indices
Inventer une devinette sous forme guidée (choisir une illustration, associer des affirmations)
Écrire une devinette en utilisant les affirmations choisies

### Matériel

Trampoline CP Fichier de lecture-compréhension
Fiche de travail liée à un sujet actuel étudié en classe

### Consignes pour les élèves

Invente ta propre devinette
Révise ton texte en consultant les outils de référence disponibles
Enregistre ta devinette

### Forme sociale

Individuel
Groupe de deux

### Sources / liens

Trampoline CP - Fichier de lecture-compréhension (p. 98 et 99)

Lauschtert eran

SCRIPT

Login via IAM




# Tableau interactif
# **Pro Connect**
Speechi

Existe en 65"/75" 86"/98"

### Un outil collaboratif d'exception.

- Un écosystème Google intégré
- Une écriture intuitive et précise
- Un son immersif et puissant
- Picture-in-Picture : Windows et Android réunis

CK Office technologies
by Charles Kieffer Group

Audiovisuel - Impressions
Scanning - Finitions de documents
Solutions - I.T. - Digitalisation
Document Process Outsourcing
Services personnalisés

Charles Kieffer Group

ck.lu









# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum

**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du SNE/CGFP
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source. Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au SNE/CGFP. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du syndicat.

syndicat
national des
enseignants
cgfp

syndicat national des enseignants cgfp

Contact
SNE/CGFP
Syndicat National des Enseignants

11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

sne@education.lu
tél.: 48 11 18-1
fax: 40 73 56

# Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat

## Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Jos Vesque - Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie dpo@sne.lu

## Comment protégeons-nous vos données ?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

## Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos évènements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour prendre des décisions automatisées qui pourraient vous affecter.

## Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

## Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

## Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout évènement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

## Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel sil elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom ............ Prénom ............ Date de naissance ............

Fonction ( cf tableau en bas de page ) ............ Promotion (année) ............ Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ............

Commune / Localité de travail ............ Nom de l'école ............

**Domicile :** Numéro ............ Rue ............ Code postal ............ Localité ............

Adresse électronique ............ Téléphone / gsm ............

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom ............ Date de naissance ............ Catégorie : cf tableau ci-contre ............

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ............

auprès de CCP / établissement bancaire ............

Date ............

Signature ............

* à remplir un bulletin par personne adhérent

et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2025 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | cotisations<br>SNE + CGFP = Total | Assurance<br>Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | 130 € + 50 € **= 180 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>**= 334 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €** | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | **0 €** | --- |
| Cat. R | Membre retraité: | 50 € + 35 € **= 85 €** | --- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré - 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE


sne
syndicat national des enseignants cgfp
Den SNE/CGFP wënscht Iech all eng schéi Summervakanz !




order@ernster.com | www.ernster.com | +352 22 50 77-1




# COMMANDEZ DES AGENDAS TWEENZ POUR VOS ÉLÈVES !

Remplissez simplement le formulaire sur **www.spuerkeess.lu/agendatweenz**

Pour plus de renseignements, n'hésitez pas à contacter l'équipe **Tweenz** au **(+352) 4015-2117** ou par mail à **tweenz@spuerkeess.lu**.

L'agenda Tweenz est produit sur base d'un modèle d'agenda standard en format A5. Les semaines sont présentées sous forme de page double et la couverture personnalisée Tweenz comporte un horaire en 2e de couverture.

SPUERKEESS

SPUERKEESS.LU/**tweenz**

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775


| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
|---|---|
| Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG | **Port payé** **PS/161** |